LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 52 vum 28. November 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

*1. Wat ass d'Rationale hannert der Festleeung vun der Unzuel Joren déi ee muss bestuet gewiergt sinn? Wat ass den Ënnerscheed ob eng Koppel 5, 10 oder 15 Joer bestuet ass fir en Urecht op eng Hannerbliwwenerent ze kréien (bei Altersënnerscheed > 15 Joer>)?*

*2. Wat ass d'Rationale hannert der Festleeung vun der Héicht vum Altersënnerscheed?*

*3. Wat gedenkt d'Ministesch an der Hisiicht ze maachen, dass et sech heibäi ganz kloer em eng sozial Diskriminéierung a finanziell Benodeelegung vu Koppele mat engem gewëssen Altersënnerscheed handelt (an Däitschland hunn 8.3 % vun de Koppelen > 10 Joer Altersënnerscheed, Quell: https://de.statista.com/statistik/daten/studie/1004551/umfrage/altersunterschied-der-paare-in-lebensgemeinschaften-in-deutschland/)?*

Den Text vum Artikel 196 aus dem Code vun der sozialer Sécherheet (CSS) baséiert op deem Text deen duerch d'Gesetz vum 27. Juli 1987 iwwert d'Pensiounsversécherung agefouert gouf.

De Legislateur wollt duerch dësen Text e klore Kader setze fir géint Spekulatiounen an Abusen a Relatioun mat der Hannerbliwwenepensioun virzegoen.

Dobäi ass ze bemierken, datt eng Hannerbliwwenepensioun een « droit dérivé » duerstellt an et sech heibäi net em eng eege Versécherung vum Hannerbliwwenen handelt. Den Artikel 196 gesäit awer virun allem am zweeten Abschnitt eng Rei Exceptioune vir, fir déi all Fro vu Spekulatioun kann ausgeschloss ginn.

D'Cours constitutionnelle huet an engem Arrêt vum 7. Juli 2017 etabléiert, datt den Altersënnerscheed an d'Dauer vum Bestietnis am Artikel 196 CSS keng Diskriminéierung duerstellen, mee « [qu'ils] se trouve[nt] dans un rapport raisonnable de proportionnalité avec le but poursuivi » .

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2023

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet
(s.) Martine Deprez